***Alle Jahre wieder*: Wéi Dir, aus de läschte Joeren jo all wësst fueren mir bei de Scouten nëtt nom Kalennerjoer, mais nom Scoutsjoer, dat sëch um Schouljoer orientéiert. Mein Apercu z'Joert op der Generalversammlung hat mat der Summervakanz 2014 opgehal. Duerfir wëll ëch Iech elo hei, an der nämlechter Logik, en Iwerbléck ginn, iwert d'Aktivitéiten vun eisem Grupp am Guide-Scoutsjoer 2014/2015.**

D'Scouts-Joer 2014/2015 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Daat neit Scoutsjoer goung fir eng Delegatioun vun den Duelemer Cheffen lass mam **LGS-Kongress** Mëttwochs de 17. September 2014 zu Hollerech am Centre culturel. Alles stung ënnert dem Schock vun deem schreckleche Leed, daat e puer Deeg vidrun iwert d'Famill vum designéierten neie Coge, dem David Heck, eragebrach war. Datt deen doropshin seng Kandidatur zeréckgezunn huet war nëmmen normal. Mais esou konnt wéinst de Prozeduren dei d'LGS-Statuten virschreiwen, keen neit Team proposéiert a gewielt ginn. De Kongress huet duerfir déi aussergewéinlech Mesure ergraff, fir en Team faisant fonction ze ernennen, an d'Neiwiel vum Team, daat de Verband leede soll, op en aussererdentleche Kongress den 19ten November 2014 verluecht.
- Fir Sondes den 21te September 2014 hat eise Verband dun op de Belair invitéiert, fir den **LGS-Cheffdaag 2014**. Eng bont Mixtur vu Cheffen aus alle Branchen aus eisem Grupp hun dëss Invitatioun ugehollt fir sech iwert d'Projet'en an d'Ureegungen vum Verband fir déi nei Saison informéieren ze loossen.
- Dënschdes den 30te September, huet mat der 1. Avex-Versammlung an der neier Saison, och de réguläre Scoutsbetrieb zu Duelem nees ugefang.
- Mir haten dëst Joer e wéineg Problemer fir op Touren ze kommen. Esou gouf aus dem 27te September, wou en eigentlech geplangt war, de 4ten Oktober 2014, wou mir mat dem **Schnupperdag 2014** eis Diren opgemaacht hun, fir nei Memberen ze fannen. Dest Joer hate mir moies vun 10-12:00 Auer Kanner am entspriechenden Alter fir bei Biber a Wëllefcher ze kommen, invitéiert. Bei schéinstem Wieder hu sie gréissendeels dobaussen eng mustergülteg Schnupperversammlung konnten erliewen, während e puer Cheffen d'Elteren mat Kaffi, Eisekuch an Informatiounen fir eis cause ze gewanne gesicht hun.
- Mir hate schwéierfälleg ugefang, mais du koum et awer nees richteg déck. Um Cheffdag war d'Iddi opkomm, fir den 1. **Grupperot vun der neier Saison** Sondes ze halen, fir esou aus dem Zeitdrock erauszekommen, de soss owends dacks op eis laascht. Esou gouf festgehalen, dëse RV op Sondes den 12ten Oktober 2014 ze lé'en. Deen Daag war an eiser Gemeng d'Feier vum **nationale Kommémoratiounsdaag** viirgesinn. Hei wire mir souwéisou mat eise Farwen op de Been gewiecht. Esou hu mir keen 2. Ulaaf gebraucht. Sondes beim Kortège an der Mass war eise Verein eng vun de gréissten Delegatiounen, besonnesch wann een déi Frënn matrechent, déi och bei eis Member sinn an awer fir deen Daag an der Uniform vun Musek oder Pompjée de Kortège begleed hun. No dëser Feier, hu mir am Home nach verschiddent Material opgelueden, fir dann zu Haassel am Bësch am Chalet anzefalen. Do hu mir eis ageriicht, gepicknickt an duerno an aller Rouh ausgiebegst iwert eis Pläng fir déi nächst a méih weit Zukunft geschwaat. Wéi am spéideren Nomëtteg eis Amicale dobei koum, hate mir schons gudd geschafft an eis Agenda'en waren ëm eng Rëtscht Terminer méih voll ginn. Leider hat d'Wieder gedréint, an nom blo'en Himmel vu

Moies, huet et elo aus décke Wolleken geschott. Mais daat hënnert eis Scouten nëtt weider. Am SchloReen gouf gegrillt, an an der Hütt, wou et vill erangedrëpst huet, gouf all drësche Plaatz ausgenotzt, fir mat engem gudde Maufel an engem oder méih Pätt, mat gudde Frënn ze poteren an ze plangen.

- Donnegdes den 23ten Oktober hat sech eis Gruppecheftroika RV bei eisem Frënd dem **Guy Seil** gin. De war kurz virdrun operéiert ginn, a war nach amgang sech lues un déi nei Mécanique ze gewinnen. Fir him d'Zeit ze verdreiwen, an him gudd Besserung ze wënschen ware sie komm, a sie konnten mat der gudder Impressioun heemgoen; datt de Guy nees géif fit gin fir nach muenech gemeinsam Unternehmungen matzemaachen.
- Fir de We vum 25-26.10.2014 hate sech eis **Carapio** an den Home aquartéiert fir mat hirem **MontéesWE** 3 nei Frënn an hir Reihen opzehuelen. Et waren daat de Scott Kremer, d'Julia Reinertz an de Rick Mathieu déi sech, mat enger Meschung aus Big Brother an Nuetsrallye, mussten hiren neie Foullard verdéngen.
- Fir Freides den 31. Oktober haten **d'RaRocheffen** hir Memberen op e ganz speziellen Owend invitéiert. Et war d'Nuecht vun **Halloween** an deemno waren och d'Aktivitéiten. Trotz den ugekënnegte béise Clownen hu sech déi Jonk getraut de ganze Parcours duerch d'Nuecht, y compris en Nuetsgeocache am Baeschdreff, ze maachen. Duerfir hun d'Cheffen sie duerno am Home mat allerlee Guddem verwinnt, waat iwert munecht Gegruggels ewechgetréischt huet.
- Ab dem 8ten November huet eise Grupp mat an d'Viirbereedungsarbechten agegraff, déi amgang waren fir eng international **Friddensliichtfeier** zu Perl am Dezember op d'Been ze stellen.
- Fir Dënschdes den 11ten November 2014 hate mir eis nees ganz vill viirgeholt. Schlieslech war **Mäertesdaag**, an turnusgeméiss sollt daat dest Joer nees grouss gefeiert gin. Ab 14:00 gouf an der Kiirch opgeriicht, viirbereed a mat e puer Wëllefcher geprouft. Schlieslech ass et em 18:00 richteg lass gang. Eng Mass, déi mir gesanglech per Karaoke gestaltet hun, mat engem Szenespill wou d'Mantelspende vum hellege Mäerten en détail duergestallt gouf, war den Ufank. A well mir nett beim Mäertenspillen wollte stoe bleiwen, mais selwer wollte Mäerten sinn fir aner Mënschen, hate mir dëst Joer eng Sammlung vu gebrauchte Spillsaachen, Kannerkleeder a Gebrauchsartikel organiséiert, wou jidfereen konnt, zu Gonschten vun de Schützlinge vun 2 Kannerhaiser vun der Fondation maison de la porte ouverte, eppes vu sech hiirginn, fir engem aneren, deen schlecht drun ass, eng Freed ze maachen. Zesummekoumen 15 Plënnerkëschten voll Saachen, 3 Velo'en, 2'Trottinetten an Trolleyvalissen, déi kuerz drop schon bei de Kanner aus de Foyer'en Don Bosco a St. Joseph ukomm sinn. No der Mass stoungen 2 Paerd bereet fir de Mäerten an den Heeschemann op en Tour duerch Duelem ze féieren, begleed vun der Duelemer Musek an eise Kanner a Gäscht mat Fakelen a Lanteren. Eskortéiert vu Police a Pompj'éen si mir ouni Problemer op der Scoutswiss beim Mäertensfeier ukomm, wou schons fleisseg Hänn fir all Mënsch deen matkomm war, e warme Bouillon, e Bréidchen mat Wippchen a Sauerkraut an Eppes ze drénken, bereet gehalen hun. Mais och mir kruten deen Daag nach e Cadeau. Eis Gemengenservicer haten et nett méih zur Zeit hikritt, fir de Betonssockel vun eisem geplangten Holzschapp fäerdegzemaachen, sou datt mir en bei dëser Geleegenheet hätten aweien kënnen. Duerfir hat eise Buergermeeschter et sech awer nett huele gelooss, fir eis wéinstens déi laang erwaarten Baugenehmegung fir dëse Schapp matzebréngen.
- Samsdegs de 15ten November haten eis RaRo nees en weideren Asatz ënnert dem Motto „Jugend forscht" Sie haten sech schlau gemacht, wéi **Whisky** hirgestallt gëtt, a wollten daat elo selwer realiséieren. En Eeschefaass louch bereet, an ca. 60 Liter Maische aus

Bio-gerste waren mat extra Hief ugesaat gin. Déi sollt op dësem Daag zu Whisky gebrannt ginn. Mais irgendwéi war dess Kéier de Wurm dran. Nëtt nëmmen, dass d'Maische anscheinend vill manner Alkohol produzéiert hat wéi geduecht. Nee, och dem Jean-Paul seng al-ehrwürdeg Brennerei huet deen Daag nett wollt. Eng Waasserfuite huet mussen behuewe gin éih u Brennen ze denke war. Um Enn vun engem hekteschen Daag, haten sie bal 3 Liter jonke Whisky fäerdeg, deen dunn mat speziellen Holzspéin versaat gouf, an deen zanter hir, fir ze reifen, an e Keller gestallt gouf. Villeicht héieren mir an e puer Joer nees vun him. Ech si mol gespaant.

- Fir Mëttwochs den 19ten November hat eise **Verband op en ausseruerdentleche Kongress** op Nidderanven invitéiert, fir elo an engem 2. Ulaaf d'Erneierung un der Spëtz vum Verband iwert d'Bühn ze kréien. 5 Cheffen vum Duelemer Grupp waren hei présent fir dësen wichtegen awer onattraktiven Akt matzedroen.
- Vu Freides dem 21ten November bis Sondes waren dun **d'Avex** endlech um Dill, fir mat der **Montée 2014** hir nei Frënn aus de Wëllef an hire Reihen opzehuelen. Fir d'éischt si si nach owends, op d'Wuermerköeppchen gefuer, wou hir ancîens combattants, déi zanter e puer Wochen schons an de Pioe waren , op enger impressionanter Plaatz hirt Viirverspriechen konnte maachen, fir daat sie an der Hektik vum Summercamp keng Zeit fonnt haten. Fir 2 Nuechten hu sie sech an den Home aquartéiert, wou sie zesummen mam Stan sengem neie Mippchen, eng flott Montéesveillée a schéin Aktivitéiten erlieft hun, a wou sie an engems d'Käerzen vir d'Adventskränz préparéiert hun, déi mir eng Woch méih spéit sollten op d'Kränz setzen.
- Eng Woch méih spéit, de 26ten November hate mir Duelemer Scouten nees en aussergeméinlechen Asatz. Mat 46 Leit si mir ugetrueden, fir bei der **Night of the proms** an der Coque beim Catering an an der Garderobe ze hëllefen. Esou kréie mir de Spektakel gratis ze lauschteren, an eis Kees kritt eng Stärkung verpasst.
- Den nächsten Owend, Donnegdes de 27ten November haten sech 5 Leit aus eiser **Adventskranzequippe** am Home RV ginn, fir déi Kränz fäerdeg ze maachen, déi nach den aneren Daag sollten ausgeliwwert gin.
- Freides den 28ten November, war den Home nees an aneren Hänn. D'Carapio an d'RaRo haten hiren Jugendlechen RV ginn, fir emol nees eng **LAN-Party** ze erliewen. Heifir ginn eng ganz Rëtsch Computeren mateneen verbonnen, an da kënnen déi eenzel Spiller zesummen an deem selwechte Spill géinst eneen spillen. Daat ass bis déif an d'Nuecht gang, an déi läscht iwernächtegt Spiller waren grad am Apaaken, wéi den Nächste moien déi nächst Aktioun am Home ugang ass.
- An zwar koumen Samsdegs den 29ten November eis gudd Geeschter aus der Adventskranzéquippe, an d'Wëllef an d'Avex mat hire Cheffen zesummen, fir déi geplangten 104 Kränz ze maachen. Dank gudder Viirarbecht vun den Avex an enger allgemeng ganz flotter Ambiance , war **d'Adventskranzaktioun 2014** eng ganz harmonesch a flott Aktivitéit, an d'Kanner waren um Enn echt traureg, wéi keen Material fir nei Kränz ze maachen méih do war. A kommerziell war dëss Editioun och e grousse Succès.
- Den nächste Sondeg dem 30ten November war also den 1. Advent. A wéi déi läscht Joeren war och nees **d'Porte Ouverte beim Buttek Mosaik** zu Fëlschdreff. Zu 7 Leit aus eiser Chefféquippe, hate mir eis nees viirgehollt, fir dëss flott Adventsaktioun, mat eisem Gromperekichelchersstand ze ënnerstëtzen. 1. ass et flott, fir mat gudde Frënn zesummenzesinn an un engem gemeinsamen Ziel ze schaffen. An 2. ass grad dëss Aktioun, grad op dësem Daag, eng optimal Art a Weis fir mat enger kollektiver BA d'Adventszeit, also d'Warden op d'Gebuert vun eisem Här an Erléiser Jesus Christus, unzefänken.

- Freides de 5ten Dezember hu sech eng hallef Dosend vun eise Carapio définitiv a sérieux am **mérite jeunesse** ugemelld. Dëss Kéier ass och nett vergiess gin, hir Partizipatioun bei der Fondatioun unzemelden. Esou misst et méiglech sinn och an de kommende Joer ëmmer nees mat jonke Leit aus eise Reihen bei der remise d'insignes dobei zesinn, sou wéi déi läscht 5 Joer och schon.
- Donnegdes den 11ten Dezember hu sech eis **Albatrossen** fir de **läschte Bar des anciens** 2014 RV um Krëschtmaart an der Stadt ginn. Et war bal wéi um PaischtCamp an alen Zeiten. Et huet geréint wéi mat Stéiss, a mir haten eng hallefwees drësche Plaatz bei engem oppene Feier fonnt, wou mir schnëssen an eise Glühwein drénke konnten.
- Während de WE'der vun der Adventszeit, a besonnesch och déi läscht Deeg virun Kreschtdag, hate mir bestänneg eng Permanence vu Memberen a Frënn beim **AS Adventure** am Asatz, fir de Leit déi kaafte **Cadeau'en anzepaken** an der Hoffnung op e klengen Don fir eis Spuerbëchs, déi um Dësch stoung. Dëss Suen waren geduecht, fir eiser Delegatioun um Weltjamboree a Japan am Summer zugutt ze kommen.
- Vu Freides dem 19ten bis Sondes den 21ten Dezember waren eis **RaRo** emol nees zesummen op Tour. Hire **MontéesWe** huet sie dëst Joer zu 10 Leit op Bréissel geféiert, wou sie mat Krëschtmaart, Menneke Pis an Atomium emol méih eng urban Versioun vun engem ScoutsWE erleift hun. Geschloof gouf nëtt am Zelt, mais an engem speziellen Motel fir Jugendgruppen ähnlech enger Jugendherberge. No de Gesiichter op hire Fotoen ze urdeelen, muss et eng flott Erfahrung gewiecht sinn
- Samsdegs den 20ten Dezember stung eng ganz nei Erfahrung um Programm. Op Initiative vun den daitschen DPSG-Scouten sollt dëst Joer, 100 Joer nom Ufank vum 1. Weltkrich, **d'Friddensliicht** an enger grousser grenziwerschreidender Aktioun gefeiert a verdeelt ginn. Hei hate mir Duelemer Scouten och nees zimlech vill d'Fanger am Spill. Ugefang huet de Mëtteg mat enger vun eis Duelemer organiséierter Sternwanderung vu 5 Plaatzen aus 3 Länner op Perl an de Schengenlycée, wou eis Avex mat enger klenger Delegatioun matgewandert sin. Eise Frënd de Stan schafft jo am Schengelycée, an esou war hien zum Dréih an Angelpunkt vun allem ginn, waat an deem Lycée sollt geschéien. An daat wat allerhand vill. Fir all Branchen vu Biber bis RaRo aus Daitschland, Frankreich a Lëtzebuerg zesummen, waren fir unzefänken Atelier'en zum Thema Fridden a Krich viirgesinn. Bei den Atelier'en fir d'Avex-Alterstufe war eise Grupp och nees déck am Asatz. Deen een Atelier gouf ganz vun eis organiséiert a gemanaged, a bei deem 2. Atelier waren nach 3 Leit aus eisem Frëndeskrees tatkräfteg am Asatz. No gemeinsamem Iessen an enger offizieller Feier am Lycée, goung et am Kortège erof op d'Musel-Bréck zu Schengen. Hei war e Schlagbaam opgebaut deen déi daitsch an déi aner Scouten a Leit getrennt huet, an deen an engem symboleschen Akt beseitegt gouf. Esou befreit konnten d'Leit hir Friddensbänner austauschen. D'Friddensliicht gouf verdeelt an et goung op déi lëtzebuerger Sait op Schengen, wou de Ben mat eise Carapio e mustergültegen Stand mat allerlee gudde Saachen fir ze Iessen an ze Drénken opgebaut hat. Hei konnten dunn all Leit déi nach dobei waren, gemiitlech zesummen sinn a schnëssen a Kontakter ophuelen oder verdéiwen. Et sief bemierkt, dass mir iwert dem Haaptorganisateur vun der Feier, dem Kreimesch Romain sein Gottvertrauen ganz bass erstaunt waren. Et waren, passend zur Joereszeit, Schaueren a besonnesch Wand gemelld. Dee Wand sollt 28kmh Duerchschnettsvitesse hun, mat Böen vu bis zu 60 kmh. An da sollt d'Friddensliicht am Freien op enger Bréck verdeelt gin. Jidfereen, deen schon eng Kéier mat esou enger Kärz an <u>der</u> Joereszeit ënnerwee bei d'Leit war, wees, wéi schnell de Wand se ausbléisst. All Warnung an all Opfuerderung wéinstens en Zelt op d'Bréck ze stellen, huet de Romain ignoréiert. Em 19:00 Auer, eng hallef Stonn virum geplangten Départ op d'Bréck huet et

nach onmosseg gereent a gestiermt. Wéi hu mir gestaunt, wéi de Kortège bei d'Bréck ukoum; kee Reen huet gestéiert a besonnesch keng Loft war méih aktiv. D'Leit koumen esouguer mat neien, oppene Käerzen zu Fouss vun der Bréck op eise Stand an d'Friddensliicht huet roueg weidergebrannt. „Deen Seinen gibts der Herr im Schlaf" kann ech do nëmmen soen! Mir haten zu vill Leit fir deen Daag gebied, mais daat do war méih, wéih ech ze gleewe gewoot hat.

- OP **helleg Owend** dunn, haten e puer Cheffen mat den Avex RV am Home fir daat Friddensliicht op dësem emotiounsgeluedenen Daag bei eeler a krank Mënschen aus eisen Dierfer ze bréngen. D'Avex haten an hire läschte Versammlungen selwer Kichelcher gebaak a verpaakt. Déi sollten elo mat enger Käerz verschenkt gin. Och dëst Joer hu mir d'Freed an d'Dankbarkeet vun eenzelene Leit hautno erliewe kënnen. Muenech Tréin ass méih oder manner heemlech gefloss, an huet an eis d'Gefill vu richteger an déiwer Krëschtdagsfreed opkomme gelooss. Um Enn vun eisem Tour sinn eis Equippen nees op Duelem komm, fir dann mat Hëllef vu weidere Cheffen an, a virun der Kiirch opzeriichten. Um Enn vun der Mass wollte mir nach d'Friddensliicht verschenken un all Mënsch deen duerfir op war; an all Massbesicher sollt no der Metten bei engem Becher Glühwein oder Schoki an e puer Kichelcher nach e puer Minuten mat eis zesummensinn. Obwuel et furchtbart Wieder war mat Reen a Wand, hun eng ganz Rëtsch Leit eis Offer ugehollt. Allerdéngs wäerte nëmmen wéineg Käerzen brennend doheem bei de Leit gelandt sinn. Nodeems mir eist Material nees am Home verschwanne gelooss haten, hu mir eis schéin Feierdeeeg gewënscht a jidfereen vun eis ass, mat frouem Häerz bei seng Famill gefuer fir Krëschtdaag ze feieren.
- Fir Dënschdes de 27te Januar 2015 hate mir eis Memberen, Frënn, Elteren vun eise Memberen an d'Gemengen a Kiirchen-autoritéiten op Duelem an den Home invitéiert. Mat der **Generalversammlung 2015** wollte mir no baussen eis Kaarten offelé'en iwert daat waat am Joer virdrun geschafft gin ass, a wéi sech eis Finanzen entwéckelt hun. Souvill Leit wéi nach nie hun de Wee bei eis fonnt, an hun mat hirem Interessie eis e flotten Impuls fir déi nächst 12 Méint mat op de Wee gin.
- An hirer Versammlung Samsdes den 31te Januar haten eis Wëllef dun emol den éischter seelene Pleséier, fir kënnen op der Wiss beim Home **Schlitt ze fueren**. Och haut nach hun Kanner un esou enger traditionneller Aktivitéit hire Spass. Et trëfft sech jhust emmer méih seelen, dass op enger Versammlung genuch Schnéi leit.
- Sondes den 1te Mäerz 2015 war an eisem Home nees eng weider lass. Fir eist **traditionellet Iessen mat der Chefféquipe a**n eise Kirmeshelferlein, hat eng breet Majoritéit duerfir optéiert, aus Gemittlechkeetsgrënn am Home ze bleiwen an e Caterer kommen ze loossen. Daat war awer d'Rechnung ouni d'Asatzfreedegkeet an d'Guttheet vun eisem Gruppecheff a senger Madame gemaacht. Op dem Monique seng Initiative hin, hun déi 2 sech déi Corvée operluecht, fir déi ganz Volksschaar vun 61 hongrege Mailer, selwer e super 4 Gang-Menu ze kachen. Esou hu mir nëtt nëmmen eis Kees geschount, mais mir hun och nach e ganz schéinen a familiäre Moment erlieft mat bäschtem Kascht wie bei Muttern.
- Freides den 13te Mäerz owends hu sech 3 vun eise Cheffen RV an der Stadt an de Raimlechkeeten vun der **Fondation maison de la porte ouverte** ginn fir eng weider **BA** fir dëss sozialengagéiert Struktur ze maachen. Mir haten sie jo bei eiser Mäertensfeier am Hierscht kennegeléiert, an hinnen, bei Bedarf, punktuelle Hëllef ugebueden. Op hir Nofro hin, ware mir elo ugetruden, fir an neigewonnene Raimlechkeeten Etagèren opzehänken, déi hinnen e bessert Lageren vun Artikelen fir hir Kleederstuff sollten erméiglechen. Mat einfacher Arbecht hu mir hei eng grouss Freed an Dankbarkeet hannerlooss, déi méih

kostbar war, wéi de matérielle Wert vun eiser Interventioun. Et ass fir all Mënsch e gudd Gefill, mat sengem Engagement nett eléng dozestoen.

- Mëttwochs den 18te März 2015 hat d'Fondatioun **vum mérite jeunesse** nees e ganze Koup jonk Mënschen an de Forum Geesseknäppchen invitéiert, fir sie mat der **remise d'insigne** fir hir Effort'en an deem Programm auszezeechnen. Als éischten Teilnehmer aus eisem Grupp aus der neitster Generatioun, hat de **Carlo Glod** eng Auszeechnung am Bronze verdéngt. Duelem war alt nees eng Kéier dobei. A mat eisem Frënd dem Carlo, war och eise Verband, d'LGS mat engem eenzege Kandidat vertrueden. Bei deene villen FNELS Hiermer, war esou e schéint gréngt Scoutshiem dach eng optesch Wohltat. .
- An dëser Faaschtenzeit 2015 sollten all eis Branchen eng Aktivitéit offeréiert kréien, déi sie géif mam Sënn vum Ouschterfest konfrontéieren, daat ëmmer méih nokoum. Esou sollten **d'Biber** sech Donnegdes den 19te März owends an der Duelemer Kiirch fir e **Kannerkraizwee** treffen. Well d'Kiirch awer schon mat enger anerer Manifestatioun besaat war, si mir kuerzerhand an d'Garage vum Home gangen. An hei, an dëser ongeméinlecher Lokalitéit hun eis Kanner mat hiren Luuchten ganz vill Detailler an de Biller fonnt, déi aner Kanner zu de Kraitzweestatioune gemolt haten, an déi an der Garage opgehang gi waren. Et huet de Kanner vill Freed gemacht a mir hu geléiert, dass een dem Härgott iwerall begéine kann wann een am Häerz op ass dofir.
- Samsdes den 21te Mäerz hu mir d'Fréijoer gespiirt a ganz weit ausgehollt. An Etappen sinn nomëttes eis verschidde Branchen drugang, fir hiren Apport zu eisem Naturléierpad nees opzeriichten. Eisen **Naturléierpad** war jo an der Saison virdrun engem onsënnegen Vandalismus zum Opfer gefall, a mir haten eis engagéiert, fir deen nach eng läschte Kéier nees ze erneieren. Duerfir war an de Wochen virdrun an de Versammlungen nees geseet, geschrauwt, gemolt a lackéiert gin, fir déi eenzel Statiounen nees an den Originalzoustand ze versetzen. Dëse Mëtteg sollt Alles nees op seng Plaatz an der Natur opgestallt gin. Alles, bis op den Aquarium vun de Carapio, deen schon 2 mol zerstéiert gi war. Mir haten keng brochsëcher Léisung fonnt, déi bezuelbar war, an déi versprachen Höllef vun eisem Gemenge-Conseiller Ries ass nie konkretiséiert ginn. Duerfir hu mir décidéiert, dëss Statioun nëtt méih opzestellen. Owends stung nees alles do wéi neih, a mir waren nett wéineg zefridden mat eiser Arbecht. A wou mir schon zesummen, a vum ville Schaffen och nach gudd hongreg waren, si mir gleich am Home bliwwen, wou mir mat ville vun eise Memberen den **22.te Gebuertsdag vun eisem Grupp** mat enger leckerer Grillade selwer gemachtenem Dessert an engem gudde Patt gefeiert hun.
- Direkt 3 Deeg duerno, de 24te Mäerz 2015 ware mir schon erëm massiv um Dill. Mat 50 Memberen a Frënn vum Grupp, hu mir beim **Koncert vum Ennio Morricone** an der Coque de Catering gestämmt, an domat nieft dem Musiksgenoss, och nach eiser Kees e klengen Doping verpasst.
- Samsdegs den 28te Mäerz war schon nees eng weider lass an eise Reihen. De **Fonny** war um bäschte Wee an den Hafen der Ehe. An op dësem WE waren eis RaRo mat ville vum Christopher senge Frënn um Tour fir sein Abschied vum **Jongesellendasein** ze feieren.
- A schon war et nees Gréngendonnegdeg an domat Startpunkt vun enger neier Editioun vun der „**Montée vers Pâcques**". Fir 3. Kéier hate mir weit ausgehollt, fir eise Memberen eng ganz intensiv Viirbereedung op Ouschteren, dem Fest vun eiser Erléisung ze bidden. Lass goung et also Donnegdes dem 2ten Abrël wou e puer Scouten mam Carlo, no der Liturgie zu Stadtbredimus duerch d'Nuecht op Lenningen gang sinn, wou sie mat Spill a Veillée probéiert hun dem Geheimnis vun dëser Nuecht méih no ze kommen. Bis Karsamsdeg no der Operstehungsfeier waren ëmmer nees aner Scouten zesummen, fir bei allméiglechen gemeinsamen Aktivitéiten, Kierper a Geescht op Ouschteren auszeriichten. Dank der

tatkräfteger Mathëllef vun eiser Pastoralassistentin a Frëndin dem Steffi Mielert, hu vill themengerecht Aktivitéiten, wéi Filmer, Fastenlauf, Fladenbrot an Osterzopf-baken, Godcaching, Kanner a –Jugendkreizwee vu Felschdref op Duelem, Filmuucht, Beichtgelegenheet an der Stadt, Sauna a vill Denkustéiss eis beschäftegt, bis mir um Karsamsdeg no der Mass am Home eis Erléisung och op eng méih weltlech Manéier gefeiert hun. An eis gemeinsam Sammlung fir d'Aktioun „**I eat thanks to you**" hat och nach déi stolz Zomm vun 550 € erginn. Daat ass duergang fir mat 2 Toggenburg-Geesen an Saatgutsets fir 10 Familljen d'sécurité alimentaire an der Turkana Regioun am Kenia ze verbesseren.

- Erwähnt gin soll awer och **d'Ouschterééeraktioun** vun eise Carapio, déi sech nett ze schued waren, trotz klenge Gewënnmargen, eegenhänneg Eer ze kachen,ze fierwen an ze verkafen, fir mat de verdéngtene Suen, hir Partizipatioun um Weltjamboree a Japan am Summer e wéineg matzefinanzéieren.
- Um Enn vun der Ouschtervakanz vum 18. – 19.4.2015 haten eis **Biber** nees en eegenen Optrëtt. Fir 2 Deeg an 1 Nuecht waren sie um **Safab Weekend um Neihaischen** deen extra vum Verband fir Bibergruppen organiseiert gouf. Speziell war, datt un deem Weekend verschidden Biberfamillen konnten deelhuelen, sou datt eis Kanner mat Biber vu verschiddene Gruppen aus dem ganzen Land op deem Weekend waren. Dest war eng ganz flott Erfahrung fir eis klengste Guiden a Scouten. Si ware vill an der Natur, hun um Feier gekacht an hu mat wëlle Kreider aus der Natur hirt Iessen zoubereet.
- Fir d'Duelemer Präsenz beim **mérite jeunesse** och an Zukunft ze garantéieren, an eis Carapio, also eis potentiel Participant'en heibei ze encouragéieren, hate mir hinnen en **Hike** proposéiert, deen hinnen de *Pilier Aventure* fir de Niveau Bronze sollt oofdecken. Dësen Hike war de WE vum 25-26ten Abrëll 2015, also dem WE vum Pélé des jeunes. 9 Jonk Guiden a Scouten, déi déi verschidde Chargen bei esou enger Organisatioun gréistendeels selwer iwerholt haten, sie moies fréih mam Bus a Richtung Noumern gefuer. No engem Geocache an den Nomerleé'en hu sie sech de Wee bei eng Bëschhütt beim Rollenger Bildgen gesicht. Hei gouf gerascht, giess, a beim Feier gedreemt bis sie schlieslech ganz fréih an der Nuecht opgebrach sinn, fir op d'Stadt lass ze marschéieren. Do wollte sie em 7:15 zesummen mat villen aneren Jonken, an och eisen Avex, déi mat hire Cheffen zu Fouss vun Duelem komm waren, an der Kathedral **d'Pélémass** matfeieren. Den traditionnelle Kaffi no der Pélésmass hu sie nach mat den Avex zesummen um Mäertche gedronk. Duerno goung et weider op de Kiirchbierg, fir eng Visite vum Festungsmusée an de Ruinen vum Fort Niedergrünewald. E läscht Stéck Foussmarsch huet sie an d'Coque geféiert, wou sie se wäschen an ausroue konnten. Als Ofschloss, si sie nach an den Home gefuer ginn, wou sie sech zur Feier vun dem ustrengenden, awer gelongenen Hike eng gudd Pizza selwer gemacht hun.
- Samsdes den 9te Mee, war et nees un eise Frënn aus **Biber a Wëllef**, fir an déi typesch lëtzebuerger Traditioun vun der Oktave anzegreifen. Et war nees **Oktavandacht** fir Wëllefcher a Biber an der Kathedral Do virdru ware flott Atelier'en fir d'Kanner. 300 Biber a Wëllefcher an hir Chef hu matgemaach an ee flotte Moment an der Stad verbruecht. Eis Wëllefcher hun dest verbonnen mat éngem eischten Zesummentreffen matt den Rodanger Scouten fir eng eischt Beschnupperen ënnert de Wellef, mat Bléck op e geplangtene gemeinsame Summercamp.
- Emmer wann de Pélé des jeunes bis duerch ass, wees een ,dass et nëmmen nach 2 décker Wochen sinn bis Christihimmelfahrt, an domat bis zu eiser **Scoutskirmes**. An esou war et och dest Joer nees. Ab Dënschdes dem 12ten Mee Owends ass Zelt em Zelt op d'Wiss gesaat gin, a vill Hänn hu matgehollef fir Technik a Material bereetzemaachen. Als 1.

gouft déi grouss Bühn nees genotzt, fir déi **4. international** (den Christoph Zerluth war dobei) ***Albatrosssummerraclette*** Dënschdes nuets duerchzezeien. No engem weideren Daag Arbecht a Gewudders, war owends alles fäerdeg, fir de **4. Newcomerfestival zu Duelem.** Hei hate mir nees eng Reih nei Nimm op der Affiche wéi: Go by brooks, Tommek, Grace, autumn run a mat Jazzy sounds from Redange mam Ernie Hammes ass eise Festival dest Joer och an den 2.ten Daag weidergang. Den 2. Dag, de 14. Mee 2015 goung et soss traditiounsgeméiss weider mat der Mass op Christihimmelfahrt, déi mir gesanglech gestaltet hun, éih de Kirmesbetrieb jidfereen Member vum Grupp op irgendeng Manéier beschäftegt huet. An och dest Joer hate mir Donnegdes owends déi grouss Zelter nees all agepaakt éih e ongemittleche Reen eis derzou bruecht huet opzehalen an nach zesummen e Patt ze drénken op de gudde Kirmescru 2015 deen mir nees erfollegreich gepackt haten

- 2.5 Wochen méih spéit, Samsdes den 30te Mee, um Enn vun der Paischtvakanz huet nees e flotten Evenement eis an de gréngen Hiermer zesummebruecht. De Christopher Schuh, eise **Fonny**, a sein **Emilie** sollten deen Daag an der **Kiirch zu Duelem bestued** ginn. Nodeems mir schon esouvill Wé'er mat deenen 2 gemaacht haten, konnte mir sie bei dësem Schrëtt och nett eléng / a Rouh loossen. Knapps waren sie nees vun der Pompjéesleeder erof hu mir sie gedon eng Zeitrees an d'Joer 2006 maachen, fir mat hirer Interventioun de Camp Tupelay ze retten andeems sie d'Cheffen vun deem Camp mat enger beherzter Operatioun virum Ricars-entzug bewahrt hun. Eréischt duerno konnte mir sie entloossen fir mat hire Gäscht, also och eis, op de verdéngtenen Apéritiv ze fueren.
- Samsdes de 6te Juni haten eis **Wëllef** e **Rally** mat de Péitenger Scouten organiséiert. Hei huet eis Frëndin d'Monique Weigel eisen ahnungslousen Ostblöckler emol säin „schéint Minett gewissen."Owes ass t' Cheféquie zesummen iessen gang an huet dobei nach verschidden Programmpunkten fir de kommende Summercamp geklärt.
- Méindes den 22te Juni ware mir enger Invitatioun vun der Gemeng nokomm, an hun eis owends fir de Cortège an den Te Deum, an Uniform a mat eisem Fändel, RV gin, fir **d'Feierlechkeeten vum National Feierdag** an eiser Gemeng matzedroen.
- Well eis **RaRo** dëse Summer keen eegene Summercamp konnten op d'Been stellen, wollte sie awer virum Enn vun der Saison hire Memberen nach en extra-Erliefness bereeden. Esou sinn sie zu 10 Leit de WE vum 26-28. Juni 2015, op **Rust an den Europapark** gefuer. Obwuel sie e Rieseproblem haten fir zur Zeit fortzekommen, kruten sie awer nach Plaatz um Camping vum Europapark wou sie direkt Zelt a Kachgelegenheet opgeriicht hun. Elo konnte sie déi 2 nächst Deeg ausgiebegst Kirmesfeeling tanken a Freed zesummen erliewen..
- Samsdegs de 4te Juli waren eis Biber mat hire Cheffen op Schëffléng gereest, fir do zesummen mat villen aneren Bibergruppen aus Lëtzebuerg, den nationale **Bibertreff** matzerliewen. De roude Fuedem vun deem Meeting war „eng Rees duerch friem Länner" bei der d'Kanner mat Spill a Spaass vill Neies iwert déi Länner gewuer goufen. Et war een vun de wäermsten Deeg vum Joer, mat Temperaturen iwert 38 Grad, mais eis Biber hun daper ausgehalen. Do koum eng Dousche an der Mëttespaus grad richteg fir e wéineg Ofkillung ze erméiglechen.
- De längsten Dag vum Joer war schons erlanscht, alles huet no Summer ausgesinn, d'Camp'en stungen virun der Diir an och de coolste Grupperot vum Joer. **De läschte Grurot** virun de Camp'en, dest Joer Mëttwochs den 8te Juli, ass geméinlech kurz waat daat Theoretescht ugeet, a laang waat den angenehmen Deel betrëfft. Do feieren mir nämlech dem Steve sei Gebuertsdag mat enger klenger Agape an engem gudde Patt. Schued

nëmmen, dass eise Frënd de Steve dobei all Kéiers e Joer méih aal gett. Soss géife mir deen Akt e puermol am Joer widderhuelen.

- A scho war et esou weit, **d'Summercamp**'en goungen un. Freides de 17te Juli sinn eis **Biber** mam **Peter Pan** op d'Rees gang, fir him ze hëllefen de Captain Hook vun der Insel Neverland (daat heescht dem FNELs Chalet zu Schetter) ze verdreiwen. Bei schéinstem Summerwieder sinn déi kleng Scouten duerch d'Natur gezunn, fir sech op de Kampf géint de finsteren Hook viirzebereeden. Absolut immens waren d'Konstruktiounen vum Krokodil an dem Hook sengem Pirateschëff déi d'Cheffen beim Chalet opgeriicht haten. Hollywood-like war d'Séischluecht bei Schëtter an der den Hook sech eise Biber huet misse geschloe ginn. Eng Trapperkichen, an en Dag am Märchepark zu Betebuerg sollt d'Kanner fir hiren Asatz belounen, éih sie Méindes den 20te Juli midd awer zefridden nees bei hiren Elteren gelandt sinn.
- Nëmmen een Daag méih spéit,den 18te Juli sinn och eis **Wëllef** lassgezunn op hire **Summercamp** op Suessem, deen sie ënnert den Thema „**Harry Potter**" gestallt haten. All Zauberschüler op deem Camp hat eng perséinlech Invitatioun vum Albus Dumbledore kritt mat Rdv um Gleis 9 ¾ fir den Départ. Nodeems eis Schüler am Zaubermantel a matt hieren Déieren all agetraff woren, goung et lass. Um Programm stoung bis den 22te Juli: Atelieren, Quiddich, en Duerfspill, en Hike iwert de gielle Botter, Zaubertricker, Schwämm, Lagerfeier, Nuetsspill, Veillée an Elterendag. De Kanner huet daat alles ganz vill Spaass gemacht, mais tëschend de Cheféquippen vun Duelem a Rodange hung den Haussegen schief, waat sie awer virun de Kanner ze verstoppen woussten. Als Resultat vun deem Summercamp haten eis Kanner zauberen geléiert, an hun eisem Grupp prompt eng nei Cheffin an der Persoun vum Monique Weigel beigezaubert.
- Enn Daag nodeem d'Wëllef doheem waren sinn och **d'Avex** op hire Summercamp gestart. Ënnert dem Thema **Dschungelcamp 2015 um Kuelbecher-Haff** hu sie sech vum 23/07/2015 - 01/08/2015 fir 10 Deeg Spaass an Abenteuer op déi genial Campplaatz matten am Bësch um Kuelbecherhaff zeréckgezunn. Mat allméiglechen Epreuven hu sech eis Avex missten duerch de Programm kämpfen nom Motto, „ich bin ein Scout, holt mich hier raus"!. E flotten Hike mat Iwernuechten an enger Höhl, stung grad esou um Programm, wéi e Passage an engem Hochseilklettergarten. An natiirlech ass och déi traditionell Camptrophy nees ausgedroen gin. Eis Avex haten eng ganz Reih Neier dobei, déi hiren 1. Summercamp am Zelt erlieft hun. Trotz batterer Keelt a verschiddenen Nuechten an trotz der kirperlecher Ustrengung, mat der esou e Camp verbonnen ass, bei deem d'Scouten nieft dem Zelter opriichten och hir Kichen selwer mat Holz bauen mussen a wou och mat Holz gekacht gëtt, waren d'Kanner gudder Déng wéi eng Delégatioun vum Grupp op hirem Besuch um Camp erliewe konnt.
- Vum 28.7-8.08 .2015 hat de Weltscoutsverband op déi 23. Editioun vum **Welt-Scouts-Jamboree** geruff, deen dëst Joer a Japan sollt stattfannen. Ugemelld waren 32.200 Scouten aus iwwer 140 Länner dorënner och 207 Lëtzebuerger vu FNEL an LGS an ënnert deenen och 5 vun eise Frënn aus de Carapio, an zwar d'Lisa Chaumont, de Carlo GLOD, de Yanik Leclerc, d'Maryse Max an d'Liz Weiler. D'Partizipatioun un esou engem Weltjamboree gëtt mat Recht als d'Kréinung vun enger Scoutscarrière bezeechent. Dozou dréiht zum engen bei, dass sech dëss Meetingen meeschtens an engem ganz frieme Land ofspillen. Zum aneren well engem, duerch déi immens Zuel vun Teilnehmer aus esou ville verschiddene Länner, déi ganz Dimensioun vun der Weltscoutsbewegung a besonnesch d'Internationalitéit dovun mol richteg bewosst gëtt. Et erlieft een sech als Deel vun enger weltweiter Famill vu Gleichgesënnten mat gleiche Symboler a Werter, awer mat vill verschiddenen Traditiounen waat sech an der Villfarwegkeet vun Uniformen

a Foullarden ausdréckt. Esou e Riesecamp ass de liewege Beweis, dass Mënschen aus ville Rassen a Kulturen friedlech a frouh zesumme liewe kënnen. Et ass materialiséiert Friddenserzéihung waat eis Jonker bei esou enger Gelegenheet erliewen. Visiten ënnert anerem vun der Stadt Hiroshima, déi jo als Ziel vun der 1. Atombomb am August 1945 zu traureger Berühmtheet komm ass, hun dëse Camp emsou méih interessant gemacht. An als Ofschloss sin eis Frënn, nom Enn vum Camp, nach eng Woch op guidéiert Norees duerch Japan gang, fir dëst interessant Natioun a Kultur besser kennenzeléieren.

- Schlieslech, bal um Enn vum Summer hun eis **Albatrossen** de Closing vun der Scoutssaison 2014/2015 gemaacht. Zanter 2013 begleeden sie all Joer mat wiesselnder Delegatioun hirt Maskottchen de Rosch Manuel op sengem **Wee op Santiago de Compostella**. Nodeems deen d'zJoert bis 10 km virun Tour op der Loire gepaddelt war, sollt et Samsdes den 29ten August 2015 vun der Plaatz aus weidergoen. 6 Leit waren mam Rosch ënnerwee, an hun hien, bis Donnegdes den 3te September 2015 mat de Velo'en iwert 424 km bis op Carcans-Plage un den Atlantik bruecht. Dobei si mir Sondes den 30ten August och zu Tours an der Basilique St. Martin laanscht koum. No enger Mass an der Kiirch, wou eise Patréiner begruewe leit, ass de Velostour bei bäschtem Summerwieder richteg lass gang. Op deem Wee huet de Rosch déi 1. Dausend km passéiert, waat natiirlech dignement sur place gefeiert gouf. Een Daag Plagerouh huet eis Cyclisten nees rétabléiert éih sie Samsdegs de 5te September 2015 am Nomëtteg nees zu Duelem waren fir d'Material nees an den Home ze lé'en.
- No em déi 150 normal Versammlung mat de Kanner a Jugendlechen aus alle 6 Branchen, no mindestens 6 Grupperéit an enger Partie Virbereedungs - a Planungs Réuniounen vun de Cheffen vun den eenzelne Branchen an de 35 Wochen baussen de Vakanzen déi eng Saison ausmaachen, war elo e wéineg Zeit, Hiem a Foullard un de Kroop ze hänken, an e wéineg Distanz ze gewannen, fir d'Batterien fir eng nei Saison nees ze lueden.